Candida Esteves, conseillère communale

Budget 2018

DEMOKRATESCH PARTEI
Munneref

Dir Damen an dir Haeren, daat Dokument waat mer fierun eis leien hun, ass mat een vun deenen wichtegsten Projet dei an eiser Gemeng, Joer fir Joer gestemmt gin. Dest Joer ass et emsou mei en wichtegen Projet well mer esouvill wei nach ni, an sozial Mesuren an Beraicher investéieren. Jo, dess Majoritéit huet schon an der Vergaangenheet grouss Engagementer geholl, dei mer Joer fir Joer am Budget mathuelen, leider awer all ze oft, bei desen Debaten vergiess gin.

Jo, d'Gemeng Munneref huet d'Prime d'Encavement nach emmer am Budget, dei esouguer lescht Joer no uewen ugepasst gin ass.

Jo, d'Gemeng Munneref huet Schuelersubsiden graad esou wei Prime d'Acquisitiounen, fir op desen Plaatzen den Awunner ennert d'Aerm ze graifen, och dess sin erem am Budget 2018 ageschriwen.

Net nemmen direkt Subsiden un d'Leit stin an desem Budget mee och sozial Engagementer dei mer als Gemeng zesummen mat der ADEM huelen:

Esou hun mer Contrat Appui Emploien, CAE genannt,

Mir leien iwert dem legalen Minimum un Employéen mat engem Handicap.

Mir ennerstetzen den Prêt de Main d'œuvre zesummen mat der Adem,

An wei der jo am Budget gesin hudd, an och schon haut den Owend um ordre du jour vun eisem Gemengerot war, bedeelegen mer eis aktif un den Mesuren fir geint den Laangzaitchômage ze goen, dest besonneg fir Leit iwer 50 Joer. Dir gesidd also dass mer besonneg an eiser Astellungspolitik mei wei eis sozial, legal Obligatiounen respekteieren an applizeieren.

Mat desem Budget waerten mer och en ganz neien Service Communal op d'Been stellen, mir engageieren en Employé am Beraich vum Aide-soignant, dest fir en Teschesteck, teschend dem Office social an der Gemeng ze gin. Emmer mei Leit sin aleng Doheem, emmer mei Leit hun entweder administratif oder aaner klenger Problemer ouni, dass se awer direkt wellen, oder kennen bei den office social goen.

DEMOKRATESCH PARTEI
Munneref

Zur selwechter Zait ass awer eis Mme Balaguer mat emmer mei neien Dossieren belaascht an kennt esou net mei emmer dozou fir visite à domicilen ze maan respektif fir sech emmer dei neidesch Zait ze huelen, dei se ging brauchen fir zesummen mat den Leit ze schwetzen. Mat den Leit schwetzen, ouni op d'Auer ze kucken sech den Leit unhuelen, genee heierem geet et bei desem Posten. Een deen fir d'Gemeng schafft deen kaan sensibiliseieren, deen sech kann den Leit unhuelen an hinnen mat Rot an Dot zur Sait stinn. Zur selweschter Zait soll dess Persoun och eng Zocht Spriechstonn op der Gemeng hun, wou een kann bei se goen an klenger administratif Demarchen mat hir zesummen maachen. Dess Persoun soll sech awer och den Leit vum dretten Alter unhuelen, se soll Nometteger organiseieren wou Leit sech kennen treffen, zesummen e puer flotter Stonnen verbrengen an eben NET Doheem vereinsamen. Dir gesidd also en wichtegen Posten fir eis Awunner an eis Gemeng.

Ech well och bei mengem Rapport nach eng Keier kuerz drop agoen dass mer och dest Joer erem Suen am Budget stoen hun fir eis Epicerie Sociale, dei mer an Zesummenaarbecht mam office Reimech, maan. Et ass och heiansdo diskuteiert gin fierwaat dess muss zu Reimech sin an mir als Gemeng se awer mat finanzeieren. Abee, d'Retouren sin ganz positif, an et ass och ganz gudd dass se net hei an der Gemeng ass, dass net direkt ganz Munneref gesait ween eran an eraus geet. Se kennt gudd bei den Leit un an huet och LEIDER groussen Succes.

Grouss Projet'en an eisem Budget sin och eis Wunnengen à coût modéré, 750'000€ sin am Budget fir an der rue John Gruen an zu Elleng d'Paschtoueschhaus ze renoveieren.

Zur selwechter Zait sin nach emmer Suen am Budget fir reegelmeisseg an eis 14 Wunnengen ze investeieren.

D'Gemeng selwer mecht an der Munnerefer Strooss zu Altwies e PAP wou Wunnengen geschafen waerten gin dofier stin 20.000€ am Budget fir desen Projet 2018 oofzeschleissen.

DEMOKRATESCH PARTEI
Munneref

E Bus gett agesat fir déi 3 Dierfer vun der Gemeng mateneen ze verbannen.Dat ass virun allem och en Dengscht fir déi eeler Leit well dese Bus durch vill Stroosse fuere wärd, dei am Moment net mam Bus acceibel sin an fir dei d'Awunner emmer mussen op den Auto zereckgraiffen. E weideren Dengscht um Bierger ass den Night Rider deen mer den Owend jo hei am Budget gestemmt hun an natiirlech och den Late Night Bus.

Ofschléissend well ech all deene Gemengeservicer déi un desem Budget geschaft hunn MERCI soen fir hir Aarbecht a munchmol komplizéiert Berechnungen.

Ech wenschen iech alleguer hei am Sall schéi Feierdeeg an dass mir eis alleguer gesond 2018, hei eremgesin fir weider ze schaffe am Senn vun eiser Gemeng.